



Här Jean-Pierre ECKER
Gemeengeconseiller

16, chemin de Brouck

L-4808 RODANGE

Referenz :2024.61759.SECR

Péteng, den 3. Juli 2024

Betreff: Är Froe vum 3. Juni 2024

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Marc Bosoni - Tel. : 50 12 51 – 3050)

Här Jean-Pierre Ecker,

An Ärem Bréif vum 3. Juni 2024, deen der Gemeengeverwaltung per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

An der Neiwiss huet d'Gemeng eng flott Spillplaz installéiert, déi och ausserhalb vun den Schoulzäiten kann genotzt ginn, wat eng flott Saach ass.

Leider ass et esou, dass verschidde Leit dës Offer net wäertschätzen a kee Respekt virun aner Matbiergerinnen weisen. Leider gesinn ech zënter Joeren , dass am Schoulhaff Moies vill Knascht vun der Nuecht virdrun leie bleift mat Gedrénksfläschen, Béxen, Alkohol, Zigaretten oder Chipstuten an lessenreschter. Et richt een dann leider moies och mol de Gestank vun Urin.

Donieft beschwéieren sech vill Leit, well verschidde Persounen, déi owes am Schoulhaff sëtzen, aner Passanten ublären, aschüchteren oder generell einfach Bordell maachen.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemeengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Sinn d'Gemengeservicer um Courant vun dësem Problem a wat gouf bis elo ënnerholl, fir*
 - den Hygienesproblem an de Grëff ze kréien?*
 - de Sécherheetsproblem an de Grëff ze kréien?*
- 2. Wat fir eng weider Schrëtt si geplangt, fir de Neiwiss-Schoulhaff an Zukunft propper a sécher ze halen?*
- 3. Wärt de Schäfferot de Schoulhaff weiderhin Owes dem Public zougänglech loossen oder plangt Dir, hei Spärstonnen duerchzesetzen, souwéi se bei ville Spillplazen hei an der Gemeng gëllen?*

Mat Respekt,

Jean-Pierre Ecker



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Ecker,

1. Esou wéi mir lech schonn an eisem Email vum 24. Abrëll 2024 matgedeelt hunn, si mir um Courant vun dësem Problem.
2. Eist Personal an de Schoulgebaier huet als Haapt-Tâche direkt Moies um 7:00 Auer den Tour vun den Alentouren ze maachen an, wann noutwenneg, den Haff ze botzen ier déi éischt Schüler antreffen. Bis 16:00 Auer sinn eis Mataarbechter an hire Gebaier a suergen och während dem Schoulbetrib dofir, datt den Haff propper bleift. De Schäfferot huet regelméisseg Entrevuë mat der Police an et ass scho konkret gefrot ginn datt d'Police bei der Neiwiss Schoul verstärkt Patrouillen soll maachen.
3. De Schoulhaff ass reglementéiert wéi all eis Spillplazen. Esou wéi an eisem Polizeireglement steet, gëllt ab 22:00 Auer d'Nuetsrou. Am Fall wou déi awer net agehale gëtt, ënnerläit dëst der Kompetenz vun der Police.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,